CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JAN. 2018
3563

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2018

Här President,

Esou eréi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Agrar-Ëmweltmossnamen un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An der Froestonn un Regierung vum 28. November iwwert d'Ausbezuele vun de Bäihëllefe fir d'Agrar-Ëmweltprogrammer vun de Kulturjoren 2014-2017 huet den Här Landwirtschaftsminister präziséiert wéini wei eng Bäihëllefe vun der Agrar-Ëmweltprogrammer sollen ausbezuelt ginn.

Sou sollt zum Beispill de Gülleausbrengprogramm am Dezember 2017 ausbezuelt gi fir Joren 2015-2016, sou dass Suen am Januar bei de Bauere géifen ukommen. Laut mengen Informatioune sinn des Bäihëllefen nach ëmmer net ausbezuelt ginn. Bei anere Bäihëllefe krute Bauere mol nach kee Formulaire fir ze ënnerschreiwen dat den Dossier ugefaange gëtt fir auszebezuelen.

Dofir wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen

- Firwat si Bäihëllefe fir d'Agrar-Ëmweltprogrammer vun de läschten dräi Joer nach ëmmer net ausbezuelt ?
- Wéini ginn se ausbezuelt ?
- Firwat sinn net zumindest Avancen ausbezuelt ginn sou wei dat bei der Bioprimm fir Joer 2015-2016 geschitt ass, wou 85% Avancen de Baueren ausbezuelt gi sinn ?
- Wei kennen an Zukunft sou Retarde verhënnert ginn ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Députéiert

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, 2
Référence: 35/18
19 JAN. 2018
A traiter par:
Copie à:

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3563 de l'honorable Députée Martine Hansen

• Firwat si Bäihëllefe fir d'Agrar-Ëmweltprogrammer vun de leschten dräi Joer nach ëmmer net ausbezuelt?

Nom Artikel 64 (1) vum '*règlement grand-ducal du 24 mai 2017 instituant des régimes d'aide en faveur de méthodes de production agricole repectueuses de l'environnement*', mussen d'Demandë fir déi fräiwëlleg Agrarëmweltklimaprogrammer bis den 1. August précédant la première année culturale de l'engagement' eragereecht ginn. Duerch d'Retroaktivitéit vum Reglement ginn et op dësem Punkt Ausname fir d'Kulturjoren 2014/2015 an 2015/2016: d'Demanden, déi sech op déi Joere bezéien, konnten agereecht gi bis 3 Méint nom Akraafttriede vum groussherzogleche Reglement, dh bis de 6. September 2017.

Eng Partie Betriber haten hir Demandë fréizäiteg eragescheckt, vill Betriber haten awer dermat bis kuerz virum Delai gewaart, nach anerer hunn Bäimeldunge gemaach, sou datt den zoustännege Service eréischt ab September 2017 en vollstännegen Iwwerbléck iwwert den Ensembel vun den Dossieren hat. D'Verwaltungsaarbechte sinn awer au fur et à mesure, wéi d'Anträg agereecht goufen, gelaf. Vun deenen 13 Programmer, déi am Reglement virgesi sinn, ginn der 7 an der "Commission écologique" aviséiert.

Opgrond vun der zäitlech spéider Publikatioun vum Reglement a senger Retroaktivitéit zréck op d'Kulturjoren 2014/2015 an 2015/2016, falen an deem zoustännege Service deemno d'Aarbechten un, déi sech an der Reegel iwwert 3 Joer erstreckt hätten. Dofir ass et net méiglech, all dëst innerhalb vun e puer Méint ze bewältegen.

• Wéini ginn se ausbezuelt?

Am Dezember 2017 sinn déi éischt Bäihëllefen un d'Betriber ausbezuelt ginn, déi an de Programmer ‚Biolandwirtschaft' a ‚buedemno Ausbréngung' matmaachen. Fir de Programm ‚buedemno Gülleausbréngung' ass ee weidere Bezuelungsdossier fir d'Joren 2015 an 2016 esouwäit fäerdeg. Do si Betriber dran, deenen hir Demande komplett an ouni Problemer war. All déi aner Betriber kommen an engem spéideren Dossier no.

Fir déi aner Programmer sinn déi zoustänneg Servicer beim Envoi vun de Bréiwer, dass d'Betrieber ugeholl sinn, fir bei deene respektive Programmer kenne matzemaachen.

• Firwat sinn net zumindest Avancen ausbezuelt ginn sou wei dat bei der Bioprimm fir

Joer 2015-2016 geschitt ass, wou 85% Avancen de Baueren ausbezuelt gi sinn?

Fir fir d'Bio-Primm kennen eligibel ze sinn, muss e Betrib nom EU-Reglement 834/2007 als Bio-Betrib zertifiéiert sinn. Am Géigesaz zu allen aneren Agrarëmweltklimaprogrammer, wou et em d'Erfëlle vun enger eenzeger Moossnam geet, ass bei dëser Primm de ganze Betrib concernéiert. Dat heescht, datt normalerweis bei der Demande all d'Critèren erfëllt sinn (doduerch datt de Betrib schonn als Bio-Betrib zertifiéiert ass) an dohier beim Bezuele vun enger Avance kaum Risike vu méigleche Recouvrementer bestinn.

Bei de spezifeschen Agrar-Ëmweltprogrammer ass dat anescht. Duerch dat spéit Areeche vun den Demanden, respektiv duerch Nomeldungen, ass et schwiereg, Avancë virzegesinn. Donieft mussen eng Rei Eligibilitéitscritèrë souwuel fir d'Flächen, wéi och fir de Betrib gekuckt ginn. All des Contraintë rechtfäerdegen an sech keng Avancen, déi riskéieren, d'Gestioun méi komplizéiert ze maachen a weider Retard'en ze generéieren.

• Wei kënnen an Zukunft sou Retarde verhënnert ginn?

D'Ursaache fir d'Retard'en an der Ausbezuelung leien net an der administrativer Gestioun vun den Aiden, mee haaptsächlech an dem verspéiten Akraafttriede vun der Reglementatioun. Nodeem de PDR (programme de développement rural) 2015 fir Lëtzebuerg Enn Mee 2015 vun der EU-Kommissioun approuvéiert gouf, an d'Agrargesetz am Juni 2016 votéiert gouf, wat d'Basis ass fir d'groussherzoglecht Reglement iwwert d'Agrar-Ëmweltprogrammer vum 24. Mee 2017, konnt d'Reglement eréischt den 2. Juni 2017 am Mémorial publizéiert ginn. Et gëllt deemno, an Zukunft no Léisungen ze sichen, fir dee legislative Prozess ze beschleunegen. Sou hate meng Servicer schonn eng éischt Aarbechtsreunioun mat der Chamber, wou verschidde Pisten diskutéiert gi sinn.

17/2/18

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 17 janvier 2018

Objet : Question parlementaire n° 3563 du 17.01.2018 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés